# Michelszopp.

(*Dittchen*, e Bo'f, dé senger Mamm an der Kichen helleft, kent mat engem Zoppekomp, engem Zoppeläffel, weisst Schirteg, aus der Kichen a soll an d'Stuff. Ennerwé huot en allerhand Gedanken.)

Mischelszopp! Wuofir net Dittcheszopp a Jacquebritt? Wèll eise Jéngste Mischel hêscht? Dat wär awer ze komesch! Dir Leit, kènnt dir eise Mischel net? Méngt elo net, wèll de' Zöppchen so' extra fein, so' göldegiél an hêmlech gliddech ass, eise Mischel wär och eso' e le'we Männchen! Dén an d'Zopp, dat sin der zwê, a wann ech mein Idé sollt soen, ech hätt de Mischel an der Zopp vill le'wer we' de Mischel bei der Zopp.

(Sètzt de Komp op de Buodem.) Wèll der Spâss mat der Affär hei huot — oder ass ên heibannen, dén Mischelszopp net gèr esst — wöll ech mech e bessche saumen — sie ass nach eso' gliddech, sie schneiden nach Gesîchter genug, wann de' delikat Britt vu mir serve'ert get. Dass dir et wösst, ech si menger Mamm hiren Elsten, an an der Kichen fir de' schwe'er Döppen ze droen. Wa meng Mamm mech net hätt, dann hätt s'en aneren, an ob dé besser wär, me' sche'n, dat ass eng Fro! Eis Matti Gre't sét emmer, vun der Zopp ge'f ê sche'n. Duofir sin ech a sie, nên, sie an ech, eso' sche'n. Also' vun der Zopp sin ech eso' sche'n gin. Eise Mischel wöllt kèng, duofir get mei Papp him fir all Teller en decke Su! E gelungenen Hotel, eist Haus, do kritt ên nach Sue bei d'Zopp.

(Hölt de Komp erem a wöllt goen.) Aja, nach èppes! — Et sollt ên dach eigentlech vir ufänken, an dat ass jo d'Randflêsch! (Et rifft hannert der Bühn: Dittchen, d'Zopp!)

*Dittchen:* Jo, jo! En Ablack. De Mischel ass nach net möll! — Do he'ert der wat de' op de' Zopp gamsen! Eh bien, dir huot *èrt* Randflêsch! Nên, net èrt Randflêsch dach, èrt Randflêsch, eng Röpp, e Flang, dir lét èr Schanken, net *èr* Schanken, dir verstitt mech, dem Metzler seng Schanken, och net dem Metzler seng dach — we' soll ech dat soen? Eh bien, dir verstitt mech — gut: èrt Randflêsch, èr Schanken.

*Vu baussen:* Dajé, komm mam Mischel!

*Dittchen:* Do he'ert der! Et get dach allerhand Kaschtgänger! — Sie hun de Mischel dach dobannen, awer mei Mischel, dat ass ê Mischel. Eh bien, wann der gèr eng gutt Mischelszopp hätt, da follegt mir. Meng Mamm folegt mir net emmer, mei Papp lauschtert net op mech, a meng Tata Gre't sét, ech hätt neischt ze soen. Eh bien, fir en delikate Bouillon hêscht et vill Tre'nen — Lo get et iech schons bâng! Meng Mamm an ech, mir kreischen eis och net do't, an dach ass hei eng Zopp. Ech wöllt, dir könnt ên Teller schmâchen... mè, gèlt, dat ging net, dir ge'ft

mech an de Komp an de Läffel mat iéssen. Eh bien — vergiésst èr Ried net — vill Tre'nen o'ni ze kreischen! Do brauch ên nach kên Hexemêschter ze sin, meng Mamm ass kên an ech hun dat och nach net gele'ert. Eh bien, ech kann iech soen, des Zopp huot Tre'nen! Mâcht dass èr der och kritt! — Dat hängt vun èrem Flêsch of.

Elo muss ech awer goen, ech mèngen, elo ass d'Britt e bessche verschloen. (Hieft den Dèckel erof, sie dämpt nach dichteg.) Mei Gott, wat eng Hetzt! De' verbrènnt engem d'Fuddderduch, sét mei Papp! — Eh bien, dir wösst vleicht gèr we' meng Tatta Gre't d'Mischelszopp esst? — Sie kuckt mech eso' ganz scharmauselech un, we' wann se soe wöllt: Ei, Dittchen, wat e Kascht! Dat sét se net, ma sie könnt et awer soen! — An dann hält se dem Papp den Teller dur! — Sie huot d'Britt le'wer we' de Mischel! Gelungen, an de Mischel, de Jéngsten, huot de Mischel le'wer we' d'Britt. Dat get e Gemischels, gèlt, dir musst de' zwe' Mischelen gutt ausernên halen. Eh bien — wat ech soe wollt — meng Tatta Gre't esst emmer zwe'n Tellere voll, mei Papp get hier awer kên decke Su! —

*Hannert der Bühn:* Dajé, Dittchen!

*Dittchen:* He'ert der! — Elo kann ech bal goen! — (Kuckt) O mei Gott, sie dämpt nach! — Ech hun iech nach net erzielt, we' meng Mamm de Mischel an d'Zopp dêt. Sie huot en an enger Kescht, net dé liewegen, dé gese'ch ech emol gèr an enger Kescht! — Eh bien, wa kê Mischel me' an der Kescht ass, da kre'en ech se fir meng Jicken a meng Knäpp ordentlech ze versuorgen. An do leien se gutt drechen an der Tâk bis eise Mischel se fond huot. Dén hat jo d'lèscht sech aus dèr Kescht e Fuosendsgesîcht gemâcht — — Stèllt iech dat vir. Mè du wor Kome'di gin! — — Fir erem vun der Zopp ze schwätzen, dann zergrimmelt meng Mamm de Mischel, net dé mam Fuosendsgesîcht, ma dén dönne, le'we, fiédemseche Mischel, an da spréngt hei ans do e Fuodem op de Buodem, an dén ziélt net mat. Mè dén aneren, dé kènnt der geschwenn net me' — — — Mèngt dir meng Zopp wär elo grad mondschle'eg? (Re'ert dran.) Eh bien, da wösst der jo elo Beschêd.

*Mischel* (e klènge Bo'f): Dajé, kent de' Zopp da bal?

*Dittchen:* Laf, mei Stippchen, ech sin um Wé! (Setzt de Komp erem nidder.) Eh bien, elo kènn dir eise Mischelchen och! Wann dén engem aneren èppes ze soen hätt! — Wat ech iech nach soe wollt: Schwätzt kêmol zevill, da behalt dir èren Otem fir d'Zopp ze blosen. An eisem Haus sin ech dén ênzegen dén net vill sét. Zumol beim Desch he'ert kê mech vill schwätzen, da schaffen ech fir mech.

A propos, ech mèngen elo wär meng Zopp net me' ze wârm. Wann der gèr mat hätt, da kommt an eis Stuff da gesitt dir och we' d'Mischelszopp schmâcht.